

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg


Lëtzebuerg, de 14. September 2022

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Den Aserbajdschan an Armenien hunn zënter laange Joren ee Konflikt, deen ëmmer emol nees bluddeg gött. Ganz rezent sinn nei Artillerie-Ugrëff vum Aserbajdschan op armenescht Gebitt. D'Ziler leien ausnamsweis net am Bierg-Karabach mee baussent där Regioun, déi Aserbajdschan fir sech an Usproch hält trotz der majoritär armenescher Bevëlkerung. Dat ass eng Verschäerfung vun der Krichssituatioun, där och vill Mënschen zum Affer gefall sinn. Dozou wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Den Aggressor Aserbajdschan kritt weder vun Europa nach vu Lëtzebuerg mat Sanktioune gedreet, wann hien Armenien ugräift. Ass dat net eng duebel Moral vun der europäescher a lëtzebuergescher Baussepolitik, wann een et mat der ukrainesch-russescher Situatioun vergläicht?
2. Zënter Juli gött et europäeschersäits no de Wieder vun der Kommissiounspresidentin Madamm von der Leyen „ein neues Kapitel in der Energie-Zusammenarbeit“ mam Aserbajdschan, dee seng Gasliwwerungen un Europa verduebelt. Gött et keng moralesch Bedenke fir mat engem erwisenen Diktator an Aggressor vun engem Nopeschland an Energiefroen zesummenzeschaffen?
3. De Lëtzebuurger Bausseminister huet an der Vergaangenheet scho méi schaarf formuléiert Kritik um aserbajdschanesche Krich geübt. Ass dee récksichtsvollen Ëmgang haut op wirtschaftlech Interessen zeréckzeféieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten